N°7069
Entrée le 25.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Zur Zäit gëtt d'Biergerpartizipatioun op Landes- a Gemengenebene getest, dëst mat Gremien wéi dem Klimabiergerrot oder *Luxembourg in transition.* Donieft ginn et um kommunale Niveau och *d'Klimateams*.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gemengen am Land hunn ee *Klimateam* an d'Liewe geruff?
   Ass et méiglech, eng Lëscht vun dëse Gemengen ze kréien?
2. Wéi vill Leit maachen insgesamt bei de Klimateamen mat?
3. Wéi gesäit d'Zesummesetzung vum Klimateam aus, opgelëscht no Gemeng:
   - Prozentsaz vun "normale" BiergerInnen,
   - gewielte GemengevertriederInnen,
   - pensionéierte Beamten,
   - aktiv Beamten,
   - intern an extern Expären?
4. Vu wiem ginn dës Gremien an der Reegel geleet, opgelëscht no Gemeng:
   - dem Buergermeeschter selwer,
   - engem Schäffen/enger Schäffin,
   - engem speziell dofir bezuelten externen Expär
   - oder engem Bierger/enger Biergerin?
5. Wéi oft sinn déi eenzel Klimateamen zënter hierer Schafung zesummekomm?
6. Wéi gëtt an de Sitzungen vum Klimateam den Ordre du jour bestëmmt?
7. Um wéi vill Auer fannen d'Sitzungen an der Reegel statt a wéi laang daueren se am Duerchschnëtt (opgelëscht no Gemeng)?
8. Wéi ënnerscheed sech d'Zesummesetzung an d'Aarbecht vum Klimateam vun de konsultative

Kommissiounen, déi sech mam Thema Klima an Emwelt beschäftegen?

9. Sinn d’Ministeren der Meenung, datt an engem kommunale Klimateam normal BiergerInnen d’Majoritéit vun der Equipp misste stellen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten